Modifikatiounen vum Müllreglement

Op Hand vun Ureegungen vun verschiddene Bierger op eisen Informatiounsversammlungen Enn September iwwert eist Müllreglement, hate mir d'lescht Woch eng diesbezüglech Diskussioun op den Ordre de Jour vum Gemengerot gesat.

An den Informatiouns-Reuniounen war erauskomm, dass munch Läit fäerten, sech trotz der Meter-mooss-hellef am Bestellen vun enger neier Poubellegréisst ze ieren, an de Schäfferot huet proposéiert, dass jiddereen **am Laf vum Joer 2014 nach en Urecht op een gratis Poubellentosch** huet.

An de Versammlungen war eng weider Demande vun de Bierger gewiescht, fir **och méi kleng Plastikstute** kenen ze kafen. Duerfir hunn mir elo **2 Tutegréissten** virgesinn. **Nieft den 80l, och nach 40l-Tuten**. D'Eltere vu Kanner bis 3 Joer kréien gratis 50 där 40l-Tuten/Joer zur Verfügung gestallt. Dëst ass geduecht, fir dass d'Elteren vun klenge Kanner net wéinst de Wëndelen mussen op méi eng grouss Poubelle ëmklammen an duerch Kannerwëndelen finanziell benodeelegt géifen ginn.

An den Informatiouns-Versammlungen gouf gemengt, dass Bierger matt **Inkontinenzprobleemer** och net dierften benodeelegt ginn. Duerfir hunn mir elo am Müllreglement och virgesinn, déi Offer vun 50 gratis-40l-Tuten/Joer op all Bierger auszedeenen, dien en attestéierten Inkontinenzprobleem huet. De Bierger muss just **all Joer e medizineschen Zertifikat erareechen, dann kritt hien 50 Tuten**. Ech wëll hei grad eréi schonns an de Versammlungen nach eng Informatioun lass ginn. Wëll Inkontinenz en Tabuthema ass, wëssen vill Leit net, dass een iwwer Internet och speziell wäschbar Inkontinenzslippe fir Fraen eréi och fir Männer bestelle kann, déi vill méi agreabel an och méi ecologesch eréi Wëndele sinn.

D'Haaptsuerg, déi sech bei verschiddene Läit erausgeschielt hat, war de **Besoin vun enger 2ter grénger Poubelle**. Mir haten d'lescht Woch proposéiert eng Bänn fir Grasschnëtt an de ECOCenter ze setzen, wou d'Leit sech gratis vum Surplus vun hirem Gras kinnten entleedegen. Dëst wäert och gemat ginn. Well dat eventuell ëmständlech wier, hate mir fonnt, dass mir de Leit och zousätzlech gréng Poubellen zur Verfügung sollte stellen, wou awer d'Käschten net sollten op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn. Dass jiddereen dann selwer misst fir d'Frais vun deenen zousätzleche Poubellen opkommen waren mir eis och souzesoen all hei ronderem den Dësch eens.

Well d'Nofro vun **zousätzlechen oder gréisseren Poubellen och fir de Pabeier** besteet, proposéiere mir Iech haut, all Bierger einfach esouvill Poubellen vun all Faarf ze ginn wéi hien wëllt, ob gro, blo, gréng oder brong, sous Conditioun, dass hien fir déi zousätzlech Poubellen käschtendeckend opkënt. Dëst erlaabt eis domatt eng wierklech komplett Offer unzebidden.

Op Basis vun all dësen Punkten proposéieren mir iech dann haut **verschidden Modifikatiounen** vun eisem Müllreglement virzehuelen, déi der Demande vun eise Bierger nokommen.

- am Müllreglement ass et am **Kapitel 5, Artikel 23** iwwert déi verschidden Gefässer eng **Vereinfachung vun den Texter**. Well jiddereen elo vun all Faarf esouvill Poubelle kréie kann eréi hien well, falen sämtlech Volumen-Restriktiounen am Text ewech.
- Am **Artikel 25 iwwert Plastikstuten** stinn dann elo déi 2 Gréissten, 40 an 80l, an all dat wat ech virdrun vun den Gratis-Tuten erklärt hunn.
- mir hunn och nach an engems e puer **Tournuren** geännert.

  Am Avis vum Ëmweltministère haten si eis z.B.: gebieden den Terme „déchets ménagers" an „déchets municipaux" ëmzeänneren, fir konform mam Gesetzestext ze sinn. Mir haten dat op der gefuerderter Plaz gemat, elo awer beim Iwwerliesen geduecht, dass et méi schlësseg wier iwwerall am Text och deen selwechten Terme ze gebrauchen.

  An engems hunn mir och nach e puer Formulatioune geännert, déi den Text méi kloer maachen awer Näischt um Sënn änneren.

- Wat elo **Taxereglement** ugeet, esou hunn mir **nieft der Taxe fixe obligatoire pro ménage**, **bei all Fraktioun de Volumen festgehal, deen och schonns elo gratis pro Stot ass. (gro Poubelle: 60l ; gréng Poubelle: 240l ; blo Poubelle: 120l ; brong: 120l)**

- Fir déi **jäerlech Taxe vun eventuell zousätzlech Poubellen** ze bestëmmen, hunn mir bei de faarwegen Tonnen aus unerkannten Tabellen déi spezifesch Gewiichter vun de verschiddene Fraktioune geholl an op Hand vun eise reellen Käschten de jeeweilegen Literpräis pro Joer bestëmmt.

  Fir dat Ganzt méi kloer ze maachen, hunn mir iwwerall e praktescht Beispill bäigefügt.

  - **zousätzlech 120l gréngen Offall: 78€, zousätzlech 240l: 156€/Joer.**
  - **zousätzlech 120l Pabeier (d.h. wann een eng grouss blo wëllt): 30€/Joer**
  - **zousätzlech 120l Glas: 90€/Joer**

- Bei de **Plastikstuten** hate mir e Präis vun **5,50€/80l Tut**, do kent elo de Präis vun **2,75€/40l Tut** derbäi.

  Dëst sinn elo déi Modifikatiounen, déi mir Iech fir eist Müllreglement proposéieren, wou mir denken den Suggestiounen vun eise Bierger nozekommen.